

„Auf der Houscht“... Abeejo!

Dat heescht natierlech „bei de Leit“ guer net esou, well déi soen „op der Huuscht/ Uecht/ Oacht“. Zu Wolz heescht et „an der Huuscht“, an déi schéi *Grande-Duchesse Charlotte-Strooss* ass nach haut bei jidfer Weelzer den „Huuschtewee“ > d’Huuscht ass eng Strooss, déi westlech aus Uewerwolz eraus dohinner féiert, wou et viru ronn 74 Joer ongeheier gekraacht huet an d’Amerikaner wéi d’Preise schrecklech Verloschter bei hiren Zaldoten haten... net ëmsoss fanne mir jo dann och an deer Géigend, méi erop beim „Geheelach“ no beim „Schumannseck“ (net „Geheiloch“!), dat klengt Monument fir un déi Offensiv-Katastroph vun deemools ze denken/erënnere. Mat „Huuscht“ hu mir dann och op zwou Manéieren **en intressant Beispill** (et giffen der Dausenden!), **fir mol erëm iwwe eise Kadaster an déi vill Flouernimm ze schwätzen ... vun deenen der jo vill ë. a. duerch „Zoubetonéieren“ iwwe all an direkter Gefor sinn!** Wie bekëmmert sech dorëm?

vum Lex Roth



Am Däitsche gëtt et dee bekannten Ausdrock „in Acht und Bann schlagen“; dat wollt soen, datt e „Stichtert“ aus der Uertschaft verjot, erausgehait, guff. Déi „Acht“ gëtt/guff et ower ni esou hei am Sproochgebrauch, och **ëm 1820, wou déi éischt Kadasterpläng vum fuschneie „Grand-Duché“ gemaach si ginn.** Aus eiser Geschicht wësse mir, datt dem Oranier-Klatzkapp Wëllem I. seng Regierung ower keng stacklëtzebuergesch war; **hei hunn „Hessen“ un den Hiewele gesiess!** Déi hatten natierlech hirer Beamte matbruecht, well et jo och knapps genuch Lëtzebuerg ginn hätt, fir déi nei an zimlech kriddeleg administrativ Aarbechten ze maachen. Et wier iwregens och genuch a laang driwwer ze verzielen, wéi déi sech dann hei „opgefieert“ hunn. Ee bekannte Saz ass do hänke bliwwen: *Hassenpflug und Stiff, die haben das ganze Land vergift(et)!* ... **et kënn ee soen, dat wier och fir eis Flouernimm de Fall gewiescht.** D’Gëft sëtzt iwregens nach ëmmer dran! Wéi? Dann hei:

An enger laanger Flaatsch Notaire-Annonce fir eng Stee fanne mir dëser *Deeg auf dem Berg; im Berg; auf Zehntergarbe; in der Rotschleid; in der Deischelt; auf der Houscht; im Meisloch; in der Klenk; auf Kalemder, auf dem jähnen Berg ...* alles **Nimm, déi kee Mënsch an deer Uertschaft gebraucht**, wou déi „Stécker“ dann elo verkaaft solle ginn! Dobäi guffen déi krommenoleg Nimm vru Joere mam Éierendirekter Patrice Schonckert (†) fir d’ganz Land „riichtgebéit“, ronn 40 000; eng Aarbecht vu 4 Joer!

Natierlech huet keen dem Notariat an säi Fach ze schwätzen ... ausser dem „Législateur“, eiser Chamber. **D’Form an d’Modalitéite vun den Akten hunn ower ee Chef: d’Gesetz!** Dat misst hei kloer bestëmmen, datt déi Saach mat den authentische Flouernimm an den Akten dat „Gesicht“ soll hunn, dat de Bierger gemengerhand kennt... an dat ass z. B. net „Kotzwise“ fir eng „Kouswiss“! Émsou méi, **well eis Kadasterverwaltung déi komplett numeriséiert Lëscht vun alle Flouernimm aus dem Land an hire „Maschinen“ huet.**

D’Fro stellt sech natierlech, op een dann do net mam „gudde Wëll“ vun de „Maîtres Notaires“ soll kënnen rechnen. Ganz kloer jo! Ower wéi grouss ass déi Guttheet dann? Loossen déi Notabilitéiten sech all an hirt „Handwierk“ schwätzen? Oder wier et vläicht net méi einfach, wann de Legislatuer **déi Saach mat de Flouernimm däitlech an dat Gesetz giff stellen, dat jo elo „an der Maach“ ass.** Nach eng Kéier kloer an däitlech: D’Material ass am Kadaster ze kréien!

Eise Fändel

Dëser Deeg hate mir **déi hollännesch Kinnekkoppel** op Besuch. Do konnt een dann erëm gesinn, dat hiren National-Fändel an eisen ower net (méi) datselwecht Blo hunn: „preussisch-blau“ an „himmelblo“ ass nun emol net enges. Net wichteg? Mä dann hänkt emol am Frankräich eng „tricolore“ mat „bleu-azur“ aplaz „bleu-marine“ op; da gitt dir vläicht eppes gewuer; et geet esou guer géint hir Constitutioun (*emblèmes nationaux*)!

An e puer Wochen hu mir erëm d’Geleeënheet, ze weisen, datt äis eppes un eise Verhalt fir eis Vergaangenheet an dem Merci fir d’Chance vum eegene Staat läit; net vergiessen, datt et eng Zäit guff, wou et ënner schwéierste Strofe verbuede war, de rout-wäiss-bloe Fändel ze weisen ... **wéi ass et mat der „mémoire collective“?** Dat huet mat „Patriotismus“, net mat bëllegem „Nationalismus“ ze dinn! Et ass iwregens eng Freed, ze gesin, wéi ganz vill Leit, déi aus anere Länner bei äis komm sinn, den 23. Juni eise Fändel mat deem vun hirer Heemecht zesummen eraushänken; genee dat Richtegt am Sënn vun enger verstänneger Integratioun.

Dir huet vläicht nach kee Fändel? D’Gréisst muss keng Roll spillen. Haut näischt méi einfach: A jidfer Souvenirgeschäft sinn der an alle Moossen ze kréien ... net nëmme fir op den „Tour de France“ oder bei de Foussball.

Kleng Portiounen

Hand op d’Häerz: Denke mir drun, datt et **pur Lëtzebuergesch** ass, wa mir vun engem *Wupp/Wippchen, enger Kludder, enger Pouz, engem Wëppel, enger Drëpp, enger Grëtz, enger Knätzel, engem Jippchen, enger Knaus/Bootsch/Schmier* asw. schwätzen. Net onbedéngt? ... et ass jo och net esou wichteg, geldir. Dajee alt. Mä dann iwwersetzt déi Wiedercher emol op Däitsch/Franséisch oder gebraucht se am Gespréich zu Düsseldorf oder Wien ... do weess knapps een, wat dir mengt.

Wichtig? Wat ass da schon esou eeschtlech wichtig? Frot emol en Däitschen, Éisträicher, Fransous oder Englänner, wat an senger Sprooch dann esou wichteg ass. Kloer: Dir kënnst elo **mat deem platten Allerweltssaz kommen, eng Sprooch wier dach just e „Kommunikationsmëttel“** a fir sech ze verstoen. Da schafe mir elo all grouss Schrëftsteller an Dichter of, déi sech dofir agesat hunn, datt aus hirem „Idiom“ eppes méi entsteet wéi „Kommunikatioun“; maacht emol an deem Schwonk e Verglach mat der ganzer Konscht!

Halte nicht dick!

Bei deem Däitsch do schmunzt een natierlech. Et wier och méiglech, dees nach méi aus dem Lëtzebuergeschen eraus ze bréngen: *Unsere Nachbarn waren ziemlich dick da; sie haben immer dickgehalten, ihr Onkel sei ein Dicker in der Regierung, und sein Junge habe auch eine dicke Platz auf der Eisenbahn ...* an **da soll emol nach ee soen, mir giffen automatesch éierbart Däitsch kënnen!**

An der Zäit, ëm 1960, guff et an der „Revue“ eng lëschtteg Rubrik, wou et geheescht huet, de „Metzleschjong“ giff heem schreien; ganz léif war deen Titel net; ech giff soen: **zimlech „beruffs-rassistesch“**, grins. Ob dat elo e Metzlesch- oder Bäckesch- oder Schousteschgesell gewiescht soll sinn, ass net weider wichteg; wéi ass et iwregens mam Respekt vrum Handwierk a senge Leit?! Intressant ass dat **gelungent Lëtzebuerg-Däitsch ... dat zugudderlescht drop stéisst, datt Lëtzebuergesch net riichtewech Däitsch ka sinn.** Esou niewelaanscht giff ech mengen, datt just déi „Revue“-Rubrik mech deelweis op d’Schinn fir eis Sprooch gesat huet; déi Bunn huet nach ëmmer keen Enn kritt!

Et ass och genee an deem Iwwerleees, wou dat **Buch „ABEEJO!“** entstan ass, dat dëser Deeg an d’Bicherbutteker leie kënn. Eis KLACK ass mir net ze schued, fir am Fong eng „Primeur“ vun der Titelsäit ze bréngen. Zugudderlescht dréint et sech jo ëm eng „ACTIOUN LËTZEBUGESCH“, oder?



Kréischel!

Dat huet bei äis zwou Bedeitungen an ass e gutt **Beispill vun engem verdrudelte franséischen Ausdrock (groseille)**. Mä am Lëtzebuergeschen hu mir deem Wuert ower nach „eng Flätsch“ ugehaang: D’Gréit ass eng *al Kréischel* huet jo näischt mat deem bekannte Stack am Gaart ze dinn, ass ower vläicht pickeg/däereg; datt et bei äis dann och nach „rout“ a „schwarz“ a „Wäinkréischele“ gëtt, ass EISES ... d’Gebeess dovun ass eng Schlabäizi; et sief, et gëtt eng „Schlippchen“ draus gemaach.

Sou kann ee mat eiser Sprooch och am Gaart trëppelen, an z. B. gewuer ginn, datt nach laang net jidderengem **de franséischen oder däitschen Ausdrock fir Brazelen oder Kéil bäifält.** Eis Heederzalot ka jo och net dofir, wa mir si „laitue“ vernennen; déi houfreg „frisée“ giff och nawell gär eng „gekrauselt“ bleiwen, ower „wat wëllt dir hunn, soen d’Leit, an da ginn s’iech näischt“? ☺

Schwanger ... muss net sinn? ☺

Net falsch verstoen. **Et huet näischt mat der „Saach“ selwer ze dinn.** Do muss jidfer Fra an all Koppel mat sech eens ginn/sinn. Vru 50 Joer waren déi „Gebräicher“ an d’ganz Problematik **esou verschidde vun haut, datt eis jonk Leit sech d’Zouan Ëmstänn einfach net kënnen virstellen.** *Ach lieber Doktor Pillenmann!*

Wat besser war/ass/kënnst sinn, huet näischt an eise klenge Gespréich iwwe d’Sprooch ze sichen. Et geet drëm, datt haut **en Ausdrock gebraucht gëtt, deen een an der Zäit ni am Lëtzebuergeschen héieren huet;** „an der Zäit“ ... dat war virum ARD, dem ZDF an den zeg aneren däitschsproochegen TV-Senderen. Éierlech: **Ass „schwanger“ souvill méi däitlech, intressant, besser, elegant?** „Enceinte“ a „pregnant“ bréngen et an eiser Sprooch am Fong och net; maachen ower alt vläicht „besser“. Ass dat ower alles esouvill méi dichteg wéi datt gesot gëtt, d’Fra wier „an aneren Ëmstänn“, si wier „anescht“; dann dee ganz riichteweche Ausdrock, si giff „erwaarden“; et guff och alt emol nach, zimlech schimmeg, gesot, d’Lisi WIER esou, mat Betounung op „wier“. Am Lëtzebuergesche klängt „schwanger“ einfach grujelech, „enceinte“ zimlech „vermengt“. Oder?